# Newsletter

3/2022

***Léif Memberen,***

*Kuerz virun der grousser Vakanz wëlle mer ee klenge Réckbléck maachen, wat an de leschte Wochen a Méint bei ons an der asbl gelaf ass.*

*Zousätzlech kënne mer nach soen, dass mer déi ënnerschriwwen Konventioun vum MENJE erëmkruten an esou der leschter Phase vum Ausbau um Neihaischen näischt méi am Wee steet. Esoubal mer an den nächsten Deeg d'Konditiounen vun der BIL fir den Iwwergankskredit kréien organiséiere mer wéi ugekënnegt eng Generalversammlung par correspondance fir dëss Kreditter gutt ze heeschen. De Projet u sech gouf jo schonns vun der Generalversammlung gestëmmt.*

*Ech wënschen jidferengem een erhuelsame Summer,* ***Eric***



## Merci Marcelle

Op der Bilschdrefer Kiermes krut d'Marcelle d'**Gëllent Verbandsofzeechen** vun de LGS iwwerreecht. Dëst fir säin onermiddlechen Asaz iwwer Jorzéngten zum Wuel fir d'éischt vun de Lëtzebuerger Guiden an duerno vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten. Jidfereen, deen d'Marcelle kennt, kennt och säin Engagement fir de Guidissem an de Scoutissem. Dofir einfach een décke M-E-R-C-I un d'Marcelle.

Hei rietser Foto gesi mer wéi d'Marcelle d'Schlësselen vum Relais de l'Amitié, déi et elo 51 Joer hat, un de Roland weidergëtt.



## Asbl-Stand um Beltaine

D'LGS Asbl huet vun dësem Familljen-Rendezvous mat iwwert 800 Kanner profitéiert fir sech ze weisen, fir **Reklamm fir eis Haiser a Campingsplazen** zu Bilschdref, um Neihaischen an am Fënsterdall ze maachen a fir Campmaterial oder **Guiden- a Scoutsuniformen** ze verkafen. Vill vun de Kanner (an en etlech Erwuessener ;-) hunn hir Geschécklechkeet bei eisem Worfspill gepréift a geprouft a konnten nohalteg Molfaarwen, Zännbiischten a Fixfeier wannen. De nächste Bealtaine ass am Prinzip **Päischten 2024**.




LGS shop by LESSURE WORKWEAR

**1, rue Jean Origer**
**L-2269 Lëtzebuerg-Gare**
Geschäftszäiten:
méindes - samschdes 10:00 - 18:00 Auer
Tel: 2694 5656

**Congé annuel vum 1. bis de 15. August**

# Éischt-Mee Feier 2022

## „70 Joer Scouten um Neihaischen hannerloosse Spuere“

Zënter der Aweiung vun der Kapell Notre-Dame des Bois den **1. Mee 1952** treffen d’Guiden a Scouten sech den Éischte Mee um Neihaischen. Dëst Joer hu mer deemno „70 Joer Scoutskapell“ gefeiert.

Zesumme mat achtzeg Visiteuren an zwanzeg Comitésmemberen a MatarbechterInne ware mer zu 100 Leit um Rendezvous. **50 Liter Ierbsebulli, 25 Liter Gulaschzopp, 15 Liter Rëndsbritt an 10 Liter Ënnenzopp** goufen op der Plaz gies oder matgeholl, eng Jet Eisekuchen a Kippercher si gefrot gi fir d’Gloscht an den Duuscht ze zëssen.




Apropos Duuscht: 40 Liter vun eisem éischte **selwergemaachenen Neihaischen’sbéier** - e sprëtzege Fréijoer'spils – koum gutt un a mer wësse bis haut leider nach net richteg wéivill „Grad“ en dann elo soll gehat hunn. Elo ass et ze spéit fir nozemoossen, et ass kee mi do, mee e soll „geschloen“ hunn, wat och ëmmer dat heescht.

Ni ze spéit ass et fir nach méi Léit ze motivéiere fir **gebrauchte Guiden- a Scoutsartikele** scho fir d’nächst Joer op d’Säit ze leeën, sief et fir ze weisen, ze tauschen, ze verschenken oder fir ze verkafen. Dofir e grousse Merci eisem jéngste „Vendeur“ deen eng Jet Badger „verklappt“ huet. Säin Stand war a gudder Noperschaft mam Scoutsshop wou et niewent Schlofsäck a Scoutsbicher och d’Badger fir de Fridden an der Ukrain ze kafe gouf. Och en decke Merci fir verschidde Raritéiten di ausgestallt goufen oder di mer geschenkt krute fir an Zukunft am vergréisserte Chalet ze versuergen.

Eist Hoffen op gutt Wieder gouf erhéiert, eis drei „Juchten-Zelter“ a véier Klapzelter hunn deemno fir Schied gesuergt a gutt Ambiance op d’Fändelswiss matbruecht. Tëscht den Zeltspanner gouf de **Jeopardy-Quizz** äerdeg matgemaach, mir hu mat e puer falsche Froen oder net richtegen Äntwerte bäigeléiert a wann een op der Visitt guidée matgemaach huet, dann huet een op verschidde Froen anengems gewiift och Äntwerte fonnt. **D’Worfspill** aus Eechenholz huet net gefeelt an där ganz geschéckter si mat Zännbiischt, Fixfeier, Kichenduch an enger Tas als Gewënner heemgaangen. Mat Eechenholz gouf och am Square an an der Jucht Feier gemaach esou datt fir di grouss a kléng Feierstéppler beschtens gesuergt war.




Fir jiddereen dee matmaache wollt, hu mer eng flott **Guiden- a Scoutsmass** mat



Gebiet, Gittar a Gesank zum Thema „70 Joer hannerloosse Spuere“ um Neihaischen gefeiert. Eisem jéngste Mataarbechter e grousse Merci fir seng **Foussofdréck** a senger Mam fir d’Gedold fir 40 mol de Fouss anescht ze molen an ofzedrécken. D’"Lëtzebuerger Scouten an der Resistenz" hunn no der Mass eng perséinlech **„Blumm fir de Fridden“** u jidderee verdeelt an dëst schéi Blummenarrangement huet nach laang bei der Kapell un d‘2022er Editioun erënnert. An der Hoffnung datt all Wënsch och erhéiert gi.

Mir hunn den Éischten-Mee esou wéi sech dat gehéiert mat Rieden an enger Amuse-Bouche agelaut a mat engem **Éierewäin** ofgeschloss. D’Opriichten an d’Ofrappen, d’Vir- an Nobereedunge goufen duerch däi Matmaachen zeguddst honoréiert.

**Merci fir dëst Joer, a bis d’nächste Kéier, den 1. Mee 2023.**







## 50 + 1 zu Bilschdref

Dëst Joer war déi **49. Bilschdrefer Guide/Scoutskiermes** net ewéi traditionell op Christi-Himmelfaart, mee Sonndes, den 19. Juni 2022, wou mir bäi schéinem sonnegen a waarmen Wieder op der Wiss a ronderëm de Relais de l’Amitié, de 50. Gebuertsdag vun eisem Haus gefeiert hunn.









Wéinst der Coronapandemie 2020 an 2021, konnt keng richteg Kiermes organiséiert gin, dofir ware mir frou fir de **50. Gebuertsdag vum Relais de l'Amitié**, mat villen Guiden a Scouten, fréieren an aktuellen Memberen, Mataarbechter a Frënn vum Comité Bilsdorf, nohuelen ze kënnen an dëst bal op den Dag genau 51 Joer  nodeems de Kafvertrag fir den heidegen "Relais de l'Amitié" vun der deemoleger Lëtzebuerger Guiden Asbl den 16. Juni 1971 ënnerschriwwen gouf.

Um Programm stoungen fir dësen Dag, e **gudde Gebuertsdagsmenü** „50 + 1" an zwee flott Trëppeltier mat Informatiounspanneauen ronderëm eisen Terrain, déi d'Geschicht vun Relais de l'Amitié a Bild an Text retracéiert hunn an een Abléck solle gin an d'Aarbechten am a ronderëm der Relais de l'Amitié wou an de lëschten 50. Joer, eng sëllege Gruppen mat dausende vu Kanner, Jonker an Erwuessener passéiert sinn, déi hei vill flott Stonnen op engem WE, Camp oder enger anerer Aktivitéit, wéi eiser Guide/Scoutskiermes oder Floumaart, verbruecht hunn.

Hei och ee **QR Code mat engem Link op eis Facebooksäit**, wou Dir eis Informatiounspanneauen kënnt kucken, weider Detailer iwwer „50 Joer Relais de l'Amitié" kënnt kréien an d'Explikatiounen zu eisem extra fir Bilschdref elaboréierten Gebuertsdagscocktail „The 51".

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

51 Joer Relais de l'Amitié Bilsdorf

No der Kiermes ass virun der Kiermes, dofir invitéiert Iech de Comité Bilsdorf an hier Mataarbechter elo schonns op déi 50. Bilschdrefer Guide/Scoutskiermes an dëst nees op Christi-Himmelfaart, den **18. Mee 2023**.



The 51

- Wäisse Wäin: fir dat Aalt, d'Arbecht an den Engagement, déi an de Relais gefloss sinn.
- Crémant: fir dat Jonkt, dat Sprëtzegt an déi permanent Erneierung.
- Hielännersirop: fir déi vill séiss Stonne vu Freed a Frëndschaft, déi eis Memberen hei erlieft hunn.
- Zitroun: fir déi sauer Stonnen an all d'Schwiregkeeten, déi gemeeschtert goufen.
- Äerdbir, am Wäin zéie gelooss a
- Kréischelen, déi zum Schluss dra kommen: Friichten, deene hire Goût fusionnéiert huet, rout well bei den LGS alles mat Leidenschaft gemaacht gëtt.
- e Schotz (Spruddel) Waasser : well ouni realistesch Kompromisser keng Entreprise op Dauer Bestand huet.
- 1 Blat Menthe: well mir e Joer hu missen op eise 50. Gebuertsdag waarden